**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS
LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE
DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel:
**„Les Sacrifiés"**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 3 13 29

Luxembourg, le 16 nov.1978.
9, rue du Fort Elisabeth

Madame !

Nodeem Dir Iech op eisen Avis an der Press hin gemellt hut, luede mir Iech ganz hèrzlech an, de 24. November 1978 ( e Freideg) um 20 Auer an de Café-Restaurant du C O M M E R C E, 13, Place d'Armes zu Letzeburg, ze kommen.

Dén Owend as do Grënnungsversammlung vun der Associatioun fir déi Hannerbliwwen vun den Enrôlés de Force, d.h., vun deene Komeroden vun eis, déi fréizäiteg gestuerwe sin.

Mir vum Fédératiounscomité erwarden Iech dén Owend, heeschen Iech hèrzlech wöllkem an entbidden Iech, liew Madame, eis allerbèscht Gréiss.

Fir de Comité,

J. Hames

Gonnereng, 15. Nov. 1978

13,12
Flam
Afa M
Min'doma

Frënd Jos !

Ech schëcken Dir hei eng Löscht vun de Witfraën, déi sech op eis Avis'n hin sech gemellt hun. Ech hun déi all perséinlech invitéiert. Eng Copie vun der Invitatioun an de COMMERCE läit bäi.

Soll én net v'läicht och nach en Opruff an den Daageszeitungen maachen, a.z., ufanks der nächster Woch? Doranner kënnt én soen, et sollen all Hannerbliwwen, (Witfraën, Kanner vun den Enrôlés) an de Commerce kommen. Dat kënnt de Glods Jos maachen. Ech schëcken him emol och eng Copie vun der Invitatioun, a soen him an dém Sënn beschéd.

Wéi as et mat Statuten fir déi nei Organisatioun? Menger Ménong no sollte mer déi vun der Associatioun als Viirlag huelen. Wat hälls Du vun der Idi?

Vum Ministère des Transports si mer opgefuerdert mat eisem Auto op Sandweiler an d'Kontroll ze fuhren. A.z. soll de Camion de 7. Dezember 78 um 10 Auer do sin. Ech hun dem Cleese Jos d'Kart geschëckt, an em geschriwwen, e soll sech em déi Saach këmmeren.

Ech hun e purmol mam Gremlings Jang telefonéiert. Hien huet mir den Dënschteg, 21. November viirgeschloen fir e Rendez-vous. Du an ech, mir, sollen owens um 19 Auer bei him a senger Etude sin, 52, rue Michel Welter zu Letzeburg, fir iwwer den Aide-Mémoire a soss Saachen ze beroden. Vu mir aus géht dat. Ech kann do sin.

Wat as dat fir en topecht Gedeesems, dat d'Lulling mat dem Gremlings Jang an der Chamber an an den Zeidongen opféiert? Déi Affär géht mir schwéier op d'Nerven, a besonnesch weel dat äis glat näischt notzt. Déi Topechkeeten do hu mer net néideg!

De Jang hat och e Gespréich mat dem Kohl Justin, (Eisebunns Direkter) iwwert Gare vun Hollerech. Wéi et schéingt huet de Jang schon un den Transportminister an dèr Saach geschriwwen. Dat eenzegt wat bei der Affär as, as dat hei: Mir musse gudd oppassen, dat dat Geschenk vun der Hollerecher Gare äis net ze deier get, ech mengen a finanzieller Hisiicht.

Dat wär et fir elo. Bis mer eis héiren oder eremgesin, e schéine Bonjour,

J. Hames

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mme | Henri-Roger Flammang-Claus, | 14-16, Avenue des Bois, Résidence "Le Lotus", | Luxembourg/Limpertsberg |
| " | Tony Greisch-Krack, | 269, rue d Itzig, | Luxembourg/Bonnevoie |
| " | Raym. Devillet-Kremer | 6, rue Jos. Hansen | Luxembourg |
| " | Théo Reef-Noël, | 30, rue Seimetz | Luxembourg |
| " | Jos. Krecké-Wilmes Germaine | 32, rue des Genêts | Luxembourg |
| " | Erwin Metzler-Hansen | 4, rue Eug. Wolff | Luxembourg |
| " | Yvonne Sassenrath-Frisch | 1, rue Offenbach | Esch-sur-Alzette |
| " | Delphin Bizzi-Reding | 10, rue Eugène-Mousset | Esch-sur-Alzette |
| " | Mich. Roth-Oestreicher | 42, rue Marie Muller-Tesch | Esch-sur-Alzette |
| " | Armand Eicher-Durbach | 18, rueSt-Henri | Esch-sur-Alzette |
| " | Paul Regenwetter-Weber | 3, rue de la Source | Esch-sur-Alzette |
| " | Roger Gonner-Angelsberg | 2, route de Gilsdorf | Diekirch |
| " | Erny Hoffmann-Aubart | 40, Bamerthal | Diekirch |
| " | Norbert Jungbluth-Walin | 19, rue de Steinsel | Béreldange / Walferdange |
| " | Nic. Foetz-Lesse | 61, rue de l Eglise | Walferdange |
| " | Edmond Frisch-Mathieu | 64, rue Bel-Air | Pétange |
| " | Lucien Brucher-Dahm | 73, route d Arlon | Mamer |
| " | Jos, Bemtgen-Biver | 3, rue Pierre Krier | Differdange-Fousbann |
| " | René Rehlinger-Schanen | 9, rue Weiher | Grevenmacher |
| " | Roger Brochmann-Peters, | Schifflange, 31, rue de Noertzange | Schifflange |
| " | Jean-Pierre Reding-Thein | | Niederpallen |
| " | Alice Weber-Meisch | Hüttermühle | Greiveldange |
| " | Mathias Kettmann-Glod | 143, rue de Schifflange | Kayl |
| " | Jos. Flies-Sins | 42, rue de l'Indépendance | Bettembourg |
| " | Wassenich-Hames | 52, rue Jacquinot | Bettembourg |
| " | Léontine Weydert-Conter | | Beaufort |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mme | Albert Thein-Bourkel | 6, rue des Jardins | Belvaux |
| " | René Kolbach | 6, rue des Jardins | Belvaux |
| " | Marie-Anne Zeimet-Arend | 98, rue d'Obercorn | Belvaux |
| " | Jean Hansen-Bill | 75, rue de Warken | Ettelbruck |
| " | J. Reiland-Bisenius | 30, rue du Laboratoire | Luxembourg/Bonnevoie |
| " | Jeanne Pauly | 23, rue de la Colline | Ettelbruck |
| 33 | Weber Madeleine | 51, rue Tour Jacob | Clausen (Luxembg) |
| | Lucien Brauch-Sins | 20, Maison | Lellig |